ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 27/03/2024

# Rapport vun der Kommissioun

# fir nohalteg Entwécklung

## Sëtzung vum 22 Januar 2024

## Präsenzen

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present | Observateuren a Experten |
|---|---|---|
| Thierry EVERAD | Emile SPLICKS (entschëllegt) | Schmitz Änder |
| Patrick EVERARD | | Philippe Chennaux |
| Carlo KOEPP (Rapport) | | |
| Patrick KRAEMER | | |
| Louis MALHERBE | | |
| Paul MANGEN | | |
| Louis MEYER | | |
| Joske VOSMANN | | |
| Carole WINTERSDORF | | |
| Pascal WIRTZ | | |

## Dagesuerdnung

*Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst*

1. Begréissung, Presenzeléscht
2. Rapport vum 13 Dezember 2023
3. Aktuelle Stand vun der Ëmsetzung vum Klimapakt
4. Versammlung "Green-Event" – Ëmwelt-Charta fir Veräiner
5. Verschiddenes

Helperknapp, 27/03/2024

## Punkt 1 : Begréissung, Präsenzeléscht

Et waren 10 Memberen präsent an 1 hat sech entschëllegt.

Invitéeën waren den Änder Schmitz vun der Firma **1nergie s.a.**, déi eis déi lëscht Joren an de Klimapakt Reuniounen guidéiert a beroden huet, an de Philippe Chennaux vum techneschen Service.

## Punkt 2 : Rapport vum 13 Dezember 2023

- Op eng Remark vum Joske gouf am Punkt 3 de Saz, < Wann ee Veräin d' Charta anhält, dann kéint den Veräin een Subside vun 1.200 Euro kréien.>, eestëmmeg gestrach.
- Et gouf och eestëmmeg beschloss am Punkt 2, d' Tabelle B / Zeil 4, Pellets an Holzspéin bäizefügen. D' Ännerung gëtt an dësem Rapport festgehal, an d' Tabelle geséit dann esou aus:

| B | Energies renouvelables | Montant accordé |
|---|---|---|
| 1 | a. Installation panneaux photovoltaïques<br>b. Avec batterie électrique | 600€<br>1000€ |
| 2 | Installation solaire thermique (eau chaude sanitaire) | 500€ |
| 3 | Installation solaire thermique (eau chaude sanitaire) avec appoint de chauffage | 750€ |
| 4 | Remplacement chaudière à fioul, gaz, pellets ou bois déchiqueté existante par une pompe à chaleur | 1000€ |
| 5 | Conseil Cadastre Solaire | 100€ |

- D' Sekretariat vun der Gemeng hat eiser Kommissioun eng Stellungnam vum Schäfferot zum Rapport vum 13 Dezember 2023 geschéckt mat follgendem Wuertlaut:

> **Ännerungsvirschléi zu den aktuelle Subsiden:** De Schäfferot freet datt d' Kommissioun eng Propose soll opstelle fir de Subside vun enger Photovoltaik Anlag, bzw d'Erneierung vun enger Heizung ebenfalls mat engem Prozentsaz zum Subside vum Stat unzepassen, esou wéi et och bei de Subside fir d' Renovatioune virgesinn ass

Mir ware frou iwwert dës Stellungnam an et goufen doropshin verschidden Gemengen zitéiert, déi et esou praktizéieren. An éischter Liesung bleiwe mir awer unanime bei eiser viregter Versioun, well de budgetären Impakt muss iwwerduecht ginn.

## Punkt 3 : Aktuelle Stand vun der Ëmsetzung vum Klimapakt

Am Joer 2021 ass d' Gemeng fir d' éischt am Kader vum Klimapakt auditéiert ginn. D' Resultat vum Audit louch bei 44,7%. Domat hu mir déi Éischt vun 4 Zertifizéirungs-Kategorien erreecht. Den **nächsten Audit ass elo am Februar 2024,** an d' Ziel ass fir däi nächst Kategorie vun 50% z' erreechen.

De Joske, deen beim 1ten Audit dobäi war, präziséiert dat d' Auditeuren deemools verlaangt hunn, dat Punkten a Moossnamen schrëftlech ze hannerleeën sinn ier se realiséiert ginn.





*Bild 1: Zertifizéierungsstand vun den Gemengen*

D' Bild 1 vun der Landkaart hei niewendrun, kopéiert vum Site pacteclimat.lu, weist d' Situatioun vun alle Gemengen am Land, an Donnéeën iwwert eis Gemeng.

Do geséit een, dat de Bäitrëtts Datum den 6 Mäi 2021 war, an déi éischt Zertifizéierung den 28 Dezember 2021. D' Faarwen Skala ënnen am Bild symboliséiert de Fortschrëtt resp. d' Kategorie déi erreecht gouf.

Den Här Schmitz huet vun den Konzepter geschwat, d' Leitlinnen fir d' Zukunft, déi fir den Audit mussen virleien, mat den 6 Haaptberäicher an insgesamt 64 Moossnamen déi kontrolléiert ginn.

Dat ganzt Verfaren vum Klimapakt bezitt sech a Moment op d' kommunal Infrastrukturen. Den privaten Beräich ass net mat integréiert. Wichteg ze wëssen ass, dat den Klimapakt 2.0 déi zweet Ausgab vum Klimapakt ass, déi bis 2030 leeft.

Am Bild 2 ass d' Resultat vum éischten Audit an engem Balkendiagramm presentéiert mat den follgenden 6 Haaptberäicher vum Klimapakt:

1. Entwécklungsplanifikatioun an Raumuerdnung
2. Kommunal Gebaier
3. Versuergung an Entsuergung
4. Mobilitéit
5. Intern Organisatioun
6. Kommunikatioun an Kooperatioun

De Balkendiagramm vergläicht den realiséierten Deel par Rapport zum Geplangten. Beräicher vun de kommunalen Gebaier an de Kommunikatioun/Kooperatioun leien mat 70% resp. 56% iwwert der Lat vun 50% fir déi nächst Zertifikatiounsklass. An zwee Beräicher leie mir nach ënner 40%.





*Bild 2: Balkediagramm mat dem Resultat an den Haaptberäicher (Kopie aus dem Audit Rapport)*

**Wat fléisst an, oder wat gëtt consideréiert, gouf gefrot?**

Den Här Schmitz nennt Beispiller:

Am Beräich Mobilitéit: d' Gemengen Gefierer, Weeër fir Vëloen, Distanzen fir op d' Aarbecht vun de Mataarbechter (ze Fouss oder mam Auto), Vëlo 's Stänner, Organisatioun vum "Tour du Duerf" an de Vëlo Summer, etc.

Bei der Versuergung an Entsuergung, d' Recycling Fäegkeet vun den bestallte Wueren, efficace Offall Trennung an alle Gebaier, asw.

Weiderhin d' Konzept Erstellung z.B. fir Gréngflächen, Waasserpolitik, Miessungen a Monitoring vun Ëmwelt relevanten Wäerter, asw.

De Philippe Chennaux informéiert dat d' Gemeng amgaang ass fir d' Offall Konzept an d' Offäll Mengen ze iwwerschaffen.

Wichteg ass och, fir am Aufgabenberäich vun den eenzelen Gemenge Mataarbechter eng Klimapakt Moossnam z' integréieren

Am **Unhang vun dësem Rapport** ass d' Lëscht vun den Haaptberäicher mat hiren Moossnamen an den Ponderatiounen bäigefüügt, well den Här Schmitz och nach gefrot gouf, wéi eng Moossnamen een prioritär kann duerchféieren fir méi schnell ze progresséieren. Dobäi ass ze berücksichtegen dat d' Konzepter an d' Strategie virrangeg esou weit wéi méiglech definéiert ginn, ier een mat den aneren Punkten ufänkt.

De Patrick Everard freet sech, op verschidden Konzepter net landeswäit kënnen erstallt ginn, fir eng eenheetlech Uwendung an alle Gemengen ze garantéieren. Den Här Schmitz mengt dat dofir am Klimapakt eng besser Transparenz geschafe muss ginn.

## Punkt 4 : Versammlung "Green-Event" an Ëmwelt Charta fir Veräiner

Den 21 Februar ass eng grouss Informatiounsversammlung iwwert d' Ausriichten vun Green-Event Manifestatiounen an d' Aféierung vun der Ëmwelt Charta fir Veräiner. D' Invitatiounen ginn iwwer Email un d' Veräiner, un de Gemengerot an eventuell och un déi aner Kommissiounen.

**Versammlung ass um 19h an der Koll**, a mir rechne mol domat dat 2 Leit pro Veräin deelhuelen plus eventuell Memberen aus den Kommissiounen an dem Gemengerot.

De Service technique gëtt vertrueden duerch den Philippe Chenneaux, deen aktiv un der Charta matgeschafft huet, an eventuell de Marc Mannes als Vertrieder vum viregten Klimapakt-Team.

**Erënnert gouf:**

- dat e Veräin bei enger Veranstaltung mat Green Event (G.E) Label bis 1500 € kréie kann, plus 20% vun der Gemeng, an dat zousätzlech extra Käschten, duerch den G.E, mat 25%, bis max. 1000€ och vum Staat iwwerholl ginn.
- Bei den Subsiden vun der Gemeng fir d' Veräiner geet d' Applizéieren vun der Charta järlech mat 15 zousätzlechen Punkten consideréiert.

## WICHTEG

- D' Invitatiounen verschécken.
- De Sall vun der **Koll muss follgend equipéiert** ginn:

  Dëscher fir d' Presentateuren a Still fir d 'Invitéen

  Beamer mat PC-Uschloss an eng Leinwand

  Kopien vun der Charta preparéieren mat der Méiglechkeet vir z' ënnerschreiwen

- D' **Presentatioun soll max. eng Stonn daueren** mat follgendem Oflaf:

| | |
|---|---|
| Mot d' Accueil vum President de Patrick | 5 min |
| Eventuell och e Wuert vum Buergermeeschter oder sengem Vertrieder | |
| Presentatioun vun der Charta (Philippe Chennaux) | 30 min max. |
| Presentatioun Green Event (Ökozenter) | 20 min |

**Am Uschloss géif et ee Patt ginn, offréiert vun der Gemeng**. D' Memberen vun der Kommissioun géifen de Service iwwerhuelen.

## Punkt 5 : Verschiddenes

1. **Nei Opstellung vum Klimapakt Team.**
   Dëst kommunal Klimateam sollt sech idealerweis aus Vertrieder vun der Politik, Gemengeverwaltung, Zivilbevëlkerung an Leit aus der lokaler Ekonomie zesummesetzen.

   Fir ee produktiivt Zesummeschaffen gouf vu Gemengesäit proposéiert d' Unzuel vun Team Memberen net ze grouss virzegesinn.
   Vun der Kommissioun 's Säit sinn 3 Memberen unanime bestëmmt ginn:

   - Thierry Everad
   - Patrick Kraemer
   - Joske Vosmann

2. **Trëppel Weeër an eiser Gemeng**
   D' Moossnam 4.3.1 vum Klimapakt 2.0 fuerdert dat d' Gemengen een attraktiivt an zesummenhängend Trëppel Wee Netz am gesamten Gemengegebitt ariichten. Doriwwer gouf schonn bei eis a viregten Kommissiounen rapportéiert.
   Fir Téinten wieren dat (net exhaustiv) z.B.
   1. Ee Wee laanscht Huelmeser Strooss vun der Deponie bis bei Kreiz (Entrée Ansebuerger Schlass)
   2. Ee Wee laanscht Bricher Streck, Ausgang Téinten bis zum éischten Feldwee rietser Säit

   D' Carole Wintersdorf deelt an dësem Zesummenhang mat, dat den **Auto-pédestrë vun Brouch** plazeweis net méi ze begoen ass. Do besteet dringenden Handlungsbedarf.

## Unhang

Am Mail ugehaang, 1) d' Leitbild vun der Gemeng, 2) d' Charta fir d' Veräiner an 3) eng Propositioun fir d'ordinär Subsiden. Dës Dokumenter huet den Philippe Chennaux geschéckt.

Am Rapport ugehaang, Klimapakt Haaptberäicher mat den 64 Moossnamen

## Nächst Sëtzung

De nächsten Termin ass den **18 Määerz 2024 um 19h00** am Gemengerotssall.

Helperknapp, 27/03/2024

# Unhang: Klimapakt Haaptberäicher mat den insgesamt 64 Moossnamen inkl. der Bewäertung

## 1 ENTWICKLUNGSPLANUNG, RAUMORDNUNG

Définition de la politique énergétique et climatique ; planification communale en faveur de l'énergie et du climat ; aménagement communal et développement urbain.

**1.1 Konzepte, Strategie**

1.1.1 Politische Verankerung der Energie-, Klima- und Ressourcenziele – 6 Punkte
1.1.2 Bilanzierung - 10 Points
1.1.3 Klimaanpassungskonzept – 10 Punkte
1.1.4 Ressourcenkonzept – 8 Punkte
1.1.5 Nachhaltige Digitalisierung – 4 Punkte

**1.2 Kommunale Entwicklungsplanung**

1.2.1 Energiekonzept – 12 Punkte
1.2.2 Mobilitäts- und Verkehrskonzept – 10 Punkte

**1.3 Verpflichtung von Grundstückseigentümern**

1.3.1 Städtebaurechtliche Instrumente – 10 Punkte
1.3.2 Innovative städtische und ländliche Entwicklung – 10 Punkte

**1.4 Baugenehmigung, - kontrolle**

1.4.1 Prüfung Baugenehmigung und Baukontrolle – 8 Punkte

## 2 KOMMUNALE GEBÄUDE

**2.1 Energie- und Wassermanagement**

2.1.1 Vorbildwirkung öffentlicher Gebäude und Infrastruktur – 6 Punkte
2.1.2 Energiebuchhaltung und Analyse – 8 Punkte
2.1.3 Renovierungskonzept – 8 Punkte

**2.2 Zielwerte für Energie, Effizienz und Klimawirkung**

2.2.1 Erneuerbare Energie Wärme – 10 Punkte
2.2.2 Erneuerbare Energie Elektrizität – 10 Punkte
2.2.3 Energieeffizienz Wärme – 10 Punkte
2.2.4 Energieeffizienz Elektrizität – 10 Punkte
2.2.5 $CO_2$- und Treibhausgasemissionen - 10 Punkte

**2.3 Besondere Maßnahmen**

2.3.1 Öffentliche Beleuchtung – 8 Punkte
2.3.2 Wassereffizienz – 6 Punkte

## 3 VERSORGUNG, ENTSORGUNG

**3.1 Versorgungsstrategie**

3.1.1 Stromverkauf aus erneuerbaren Energien auf dem Gemeindegebiet – 4 Punkte

**3.2 Lokale Energieproduktion auf dem Gemeindegebiet**

3.2.1 Stromproduktion – 12 Punkte

3.2.2 Netzgebundene Wärme- und Kälteproduktion – 12 Punkte

3.2.3 Individuelle Wärme- und Kälteproduktion – 12 Punkte

**3.3 Ressourcenschonende Wasserversorgung und Grünflächenbewirtschaftung**

3.3.1 Wasserversorgung – 12 Punkte

3.3.2 Grünflächenbewirtschaftung – 8 Punkte

**3.4 Energieeffizienz Abwasserreinigung**

3.4.1 Energieeffizienz Abwasserreinigung – 10 Punkte

3.4.2 Siedlungsentwässerung – 10 Punkte

**3.5 Abfall- und Wertstoffwirtschaft**

3.5.1 Sammlung, Recycling und Verwertung von Abfällen und Wertstoffen – 12 Punkte

## 4 MOBILITÄT

**4.1 Mobilität in der Verwaltung**

4.1.1 Unterstützung bewusster Mobilität in der Verwaltung – 4 Punkte

4.1.2 Kommunaler Fuhrpark – 4 Punkte

**4.2 Verkehrsberuhigung, Parkraummanagement**

4.2.1 Parkraummanagement – 8 Punkte

4.2.2 Attraktive Gestaltung öffentlicher Räume – 10 Punkte

4.2.3 Lieferverkehr – 4 Punkte

**4.3 Aktive Mobilität**

4.3.1 Fußwegenetz – 10 Punkte

4.3.2 Radwegenetz – 10 Punkte

4.3.3 Fahrradabstellanlagen – 6 Punkte

**4.4 Multimodale Mobilität**

4.4.1 Multimodales Angebot – 6 Punkte

4.4.2 Öffentlicher Verkehr – 10 Punkte

**4.5 Öffentlichkeitsarbeit**

4.5.1 Sensibilisierung nachhaltige Mobilität – 8 Punkte

## 5 INTERNE ORGANISATION

### 5.1 Interne Strukturen

5.1.1 Kommunale Klimapakt Governance – 10 Punkte
5.1.2 Klimateam – 4 Punkte

### 5.2 Interne Prozesse

5.2.1 Einbezug des Personals – 4 Punkte
5.2.2 Erfolgskontrolle und jährliche Planung – 12 Punkte
5.2.3 Weiterbildung - 6 Punkte
5.2.4 Beschaffungswesen – 6 Punkte
5.2.5 Klimapaktcheck – 6 Punkte

### 5.3 Finanzen

5.3.1 Budget für energiepolitische Gemeindearbeit – 10 Punkte

## 6 KOMMUNIKATION, KOOPERATION

### 6.1 Kommunikation

6.1.1 Konzept für Kommunikation und Kooperation – 4 Punkte
6.1.2 Vorbildwirkung, Corporate Identity – 4 Punkte

### 6.2 Kommunikation und Kooperation mit öffentlichen Akteuren

6.2.1 Regionale Zusammenarbeit – 6 Punkte
6.2.2 Forschung für nachhaltige Entwicklung – 2 Punkte

### 6.3 Kommunikation und Kooperation mit Privatwirtschaft

6.3.1 Zusammenarbeit mit der Privatwirtschaft – 10 Punkte
6.3.2 Neubau und Renovation im privaten Wohnungsbau – 6 Punkte
6.3.3 Lokale, nachhaltige Wirtschaftsentwicklung – 4 Punkte
6.3.4 Forst- und Landwirtschaft – 4 Punkte

### 6.4 Kommunikation und Kooperation mit der Bevölkerung und lokalen Multiplikatoren

6.4.1 Mitwirkung / Engagement – 10 Punkte
6.4.2 Lokale Bevölkerung – 10 Punkte
6.4.3 Schulen, außerschulische Betreuung und Erwachsenenbildung – 4 Punkte
6.4.4 Multiplikatoren – 4 Punkte

### 6.5 Unterstützung privater Aktivitäten

6.5.1 Beratungsstelle Energie, Mobilität, Ökologie, Klima, Ressourcen, Lärmschutz – 10 Punkte
6.5.2 Leuchtturmprojekt – 4 Punkte
6.5.3 Finanzielle Förderung – 6 Punkte